



**Äntwert vun der Kulturministesch Sam Tanson op d'parlamentaresch Fro n° 5928 vum 14. März 2022 vum Här Deputéierte Fernand Kartheiser**

D'Ausstellung „Le passé colonial du Luxembourg“, déi den Nationalmusée fir Geschicht a Konscht (MNHA) vum 7. Abrëll bis zum 6. November 2022 weist, geet der Fro no, wéi eng Positioun Lëtzebuerg an der europäescher Kolonialgeschichte anhëlt. An dësem Kontext verweisen ech op den éischte Saz vum Pressecommuniqué deen den honorabelen Deputéierten nëmmen deelweis zitëiert: „Si le Luxembourg n'a jamais exercé d'autorité sur un territoire d'outremer ou sur ses populations, nombre d'hommes et de femmes du Grand-Duché ont émigré aux 19e et 20e siècles pour s'établir et travailler dans les colonies d'autres pays européens.“ (<https://www.mnha.lu/fr/expositions/le-passe-colonial-du-luxembourg>).

Den Titel vun der Ausstellung „Le passé colonial du Luxembourg“ implizéiert net dass de Lëtzebuurger Staat Kolonië gehat hätt, mee dass d'Lëtzebuurger Gesellschaft duerch dësen Aspekt vun der Geschichte gepräagt ginn ass an dass eist Land also och eng kolonial Vergaangenheet huet. Wéiwäit d'Lëtzebuurgerinnen a Lëtzebuurger déi am 19ten an 20te Joerhonnert an d'Kolonië gaange sinn, dëst gemaach hu mam Gefill dass d'Lëtzebuurger Regierung si dobäi ënnerstëtzt huet gëtt ebenfalls an der Ausstellung thematiséiert, déi ech den honorabelen Deputéierten invitéiere kucken ze goen, fir sech eng Meenung ze bilden iwwert d'Komplexitéit vun der Äntwert op d'Fro vun der Positioun vun de successive Lëtzebuurger Regierungen zur Kolonialpolitik.

Donieft sief rappeléiert, datt d'Regierung, fir dëse komplexe Sujet weider wëssenschaftlech opzeschaffen, den interdisciplinaren Zentrum fir Zäitgeschichte an digital Geschichte (C2DH) vun der Universitéit domat beoptraagt huet e Rechercheprojet iwwert d'Roll vun de Lëtzebuurger an dem Lëtzebuurger Staat an der europäescher Kolonialgeschichte auszeschaffen.

Lëtzebuerg, de 6. Abrëll 2022.

D'Kulturministesch

(s.) Sam Tanson